# „Books for Kids“

© Roland Meyer

Krëschdag steet nees virun der Dir an esou ass et och fir mech Zäit, mir Gedanken ze maachen, wat ech dëst Joer verschenke wëll. Bicher sinn ëmmer gutt, hunn ech mir geduecht, a vläicht gëtt dat och net grad esou deier, elo an der Kriiss soll jo e bësse méi lues gemaach ginn, et soll gespuert ginn. Dach, Bicher ass eng gutt Iddi!

An am Fong wollt ech hei ee ganz aneren Artikel schreiwen: Ech wollt eppes iwwer d’Iesse schreiwen, esou wéi ech dat esou dacks schonn op dëser Plaz gemaach hunn, iwwer ee gudde Restaurant hei bei eis am Norden an iwwer eng schéi Plaz fir spadséieren ze goen. Mee dës Kéier sinn d’Walfer Bicherdeeg an domat och de „Lëtzebuerger Buchpräis“ derzwësche komm. Wëll ech mat „Muedebëtzeg“ dëst Joer selwer nominnéiert war, hunn ech die ganze Spektakel natierlech e bësse méi genee verfollegt, allerdings net nëmmen aus menger Perspektiv, dier vun de literaresche Bicher, mee virun allem aus der Siicht vun de Kannerbicher, wëll mech déi aus verschidde Grënn ëmmer nach am meeschten interesséieren, mir eben um Häerz leien.

Dat kënnt engersäits dohier, datt ech als Schoulmeeschter ëmmer op der Sich no gudde Kannerbicher sinn. Et gëtt am Fong näischt méi Schéines am Klassesall, wéi wann een de Kanner kann aus engem flotte, spannenden an intelligente Buch virliesen. Dann erlieft een seng Kanner emol eng Kéier ganz anescht: mat engem Glënneren an den An lauschteren se no, a Gedanke si se ganz wäit fort, sinn an der Welt vun der Fantasi, déi se alleng duerch d’Nolauschteren vun diene „magesche Formelen“, déi mir Erwuessener ganz profan Wierder a Säz nennen, fond, oder besser, erëmfond hunn. Dat si wonnerbar Momenter!

Anerersäits schreiwen ech selwer schonns zanter 1998 Kannerbicher, zanter 1990 Theaterstécker fir Kanner. Ech hunn iwwer 12000 Kannerbicher verkaf, hunn honnerte vu Liesungen a Schoule gemaach an zesumme mat Schoulklassen Texter a ganz Bicher geschriwwen. Dofir mengen ech net nëmmen, datt ech e ganz besonneschen Interessi un der Kannerliteratur hei zu Lëtzebuerg hunn, mee datt ech do och zimlech gutt wees, vu wat ech schwätzen!

Wéi ech also am Virfeld vun diem „Lëtzebuerger Buchpräis“ Artikelen iwwer déi nominéiert Bicher gelies hunn, ass mir opgefall, datt op esou munche Plaze geschriwwe gouf, datt d’Qualitéit vun dëse Bicher, an domat am Fong och d’Qualitéit vun engem ganze Joergang Lëtzebuerger Kannerliteratur, ze wënschen iwwereg léiss. Wat heescht dat? Et war esou eng ominéis Undeitung, mee näischt Konkretes war ze liesen. Am „Wort“ vum 12.10.12 stung zum Beispill: „…, aber auch die Kritik an der Qualität des Luxemburger Kinderbuchs im Allgemeinen wurde von vielen Anwesenden mit offensichtlicher Zustimmung begrüßt.“ Oder grad esou obskur an och am „Wort“ (17.11.12): „Interrogés par Christiane Kremer, … , certains d’entre eux ont fait état de leur déception pour les livres pour enfants, estimant qu’il fallait fournir encore des efforts pour qu’ils puissent rivaliser en termes de qualité avec les livres produits à l’étranger.“ Bei all dienen Undeitungen, Vermutungen, Uspillungen fillt een sech u „Verschwörungstheorien“ erënnert. Virwat net kloer schreiwen, wien esou eppes behaapt, a wat genee kritiséiert gëtt? Ech weess op déi Fro keng Äntwert!

Mee gi mer de Problem emol vu vir un, nämlech aus menger privater, reng subjektiver Siicht : jo, ech hunn ee « Lobdefizit » ! Elo schmunzt Dir vläicht, léif Lieser, déi eng wéinst dësem wonnerbaren „Germanizismus“, déi aner wëll se sech kënnen denken, op wat ech erauswëll. Ma ganz einfach, no all diene Joere Schreiwe fir d’Kanner, no all diene ville Bicher, no dienen zweeten an drëtten Oploen, no all dienen Theaterstécker, kruet ech nach ni dofir – offiziell - merci gesot, kruet ech nach net – offiziell - op d’Schëller geklappt, kruet ech nach kee Präis, jo net emol eng Nominatioun fir ee Präis. Elo denken der vill, hei kuck emol, de Meyer, elo léist e sengem Frust fräie Laf. Recht hutt Dir! Et huet sech an diene Joeren schonns e gewësse Frust opgebaut, mee die soll hei net d‘Thema sinn, et ass vill méi dat hei: Wann een Auteur, dien iwwer 20 Joer fir Kanner schreift, an dat och nach mat Erfolleg mécht, keng Unerkennung fir seng Aarbécht fënd, da wërft dat och e Liicht op d’Gesellschaft, a mat der Aart a Weis, wéi se mat Kannerliteratur, also mat diene Bicher, déi fir d’Kanner geschriwwe ginn, emgeet.

Mee da kommt, da gi mir emol nach méi konkret, net datt ech herno dat selwecht virgehäit kréien, wat ech dem „Wort“ virgehäit hunn. Kommt mir gi vun diem Positiven aus, vun de Stäerkten, esou wéi een dat ëmmer an der Kannererzéiung maache soll: wat gëtt hei am Land alles fir d’Kannerliteratur

gemaach. Ech wëll elo hei eng Opzielung maachen; mee wéi ëmmer bei Opzielungen, kann et mir geschéien, datt ech eppes vergiessen. Sidd da wann ech glift net rosen a mault am Hannergrond, mee sot mir et léiwer op d'Nues duer, da kann ech et déi nächste Kéier beim Numm nennen!

Éischtens: Et gëtt Vereenegungen wéi „Islek ohne Grenzen Ewiv", déi vehement fir d'Kannerliteratur an och de Kannertheater antrieden. Si ënnerstëtzen d'Produktioun an d'Publikatioun a si si sech och net ze schued, fir dofir Reklam ze maachen, oder, fir et anescht auszedrécken, fir d'Lobbyaarbecht ze leeschten. Eng aner Vereenegung, déi och ëmmer fir d'Kannerliteratur antrëtt ass „Freed um Liesen" mat enger Hellewull Aktivitéiten, wou ech nëmme wëll „Top 5" a „Kibum" eraussträichen.

Zweetens: De Ministère de l'Éducation nationale, dien och eng ganz Rei vun Aktivitéiten em d'Liesen an och em den Theater organiséiert. Erausgepickt hunn ech hei de „Nationale Virliesconcours", d'Schoulbicher „Lies a fléi", Anthologien mat Liestexter vu Lëtzbuerger Auteuren, d'« Leseförderung » vun de Madamen Offermann a Schaul, d'"Theaterschoul" a selbstverständlech net ze vergiessen, all déi sëlleche Liesungen an de Grondschoulen an an de Bibliothéike vun de Grondschoulen. Insgesamt also eng zimlech gutt Nout fir dëse Ministère, oder besser ausgedréckt: „niveau avancé", wann der wësst, wat ech mengen…

Drëttens: Och eng ganz Rei vu Bibliothéiken, regionaler an och anerer, organiséieren, dacks an Zesummenaarbecht mat verschiddene Veräiner oder Institutiounen, Liesungen fir d'Kanner. Ernimme wëll ech hei z. B. d'Kollaboratioun vun der Toni-Bourg-Bibliothéik vun Ëlwen mat dem Cube 521.

An dann… ma da gëtt et scho vill méi roueg. Jo, et gëtt nach de „Lëtzebuerger Buchpräis" vun de Bicherediteuren an der Spléck „Kannerbicher" an heiansdo gëtt et een anere Präis… mee dat ass éischter rar: de „Prix Servais" ass just eng eenzeg Kéier fir ee Kannerbuch verdeelt ginn, dat war 2006 fir dem Guy Rewenig säi „Passt die Maus ins Schneckenhaus", de „Prix Batty Weber" gouf et nach ni fir ee renge Kannerbuchauteur, de „Prix Tony Bourg" idem. … an zanter 1978 gëtt et de „Concours littéraire nationale" a just dräimol hat de Sujet eppes mat Kannerliteratur ze dinn**:** 1982: "Récit littéraire pour enfants de 8 à 12 ans", 1989: "Texte pour enfants" an 2002: "Théâtre pour enfants".

De “Centre National de Littérature” zu Miersch huet als Aufgab d’Dokumentatioun vun allem wat geschriwwe gëtt. Doriwwer eraus wëllt en den Auteuren iewer och zur Säit stoen, d’Literatur ënnerstëtzen, dat op d’nannst huet d’Madame Germaine Goetzinger ëmmer gesot an dorunner gëtt och de Claude D. Conter gemooss.

De Kulturministère gëtt eng sougenannte “Prime à la publication”, wann ee neit Buch erauskënnt. Dat mécht e bei all Buch, also net just bei Kannerbicher, an och ass déi Prime bei Kannerbicher net méi héich wéi bei aneren. Wat de Kulturministère soss nach Extraes fir d’Kannerliteratur mécht, kann ech net soen. Wann et also esou Aktioune gëtt, da si se bis elo laanscht mech gaangen, wëll ech hätt se net an Uecht geholl.

Och d’Medien, a virun allem d’Zeitungen, halen sech staark zréck mat Artikelen, Rezensiounen oder Reportagen iwwer nei Kannerbicher an hier Auteuren. Op der Internetsäit vun RTL fënd een emol Hiweiser, d’Tageblatt schingt dës Informatiounsaarbecht ganz agestallt ze hunn an d’”Wort” hält u senger Politik fest, just hier eege Bicher an Auteuren ze presentéieren, do kritt een also eng limitéiert Auswiel. Firwat datt dat esou ass kann ech net soen, ech ka mir Mäint just denken.

Da bleiwe nach d’Editeuren. Allgemeng kann een do keng Ausso maachen, et gëtt der e puer, déi schonns zanter Joeren immens schéin a gutt Kannerbicher präsentéieren: “Ultimomondo” an “Op der Lay”, fir emol just déi zwee ze nennen. Natierlech gëtt beim Verlag nom Präis an domat nom Benefice gekuckt. Wéi soen d’Editeuren ëmmer: “Mat Lëtzebuerger Bicher gëtt ee net räich!” Jo, dat stëmmt, dat kann ech als Auteur ënnerschreiwen, mee d’Fro stellt sech jo iewer, ob een an der Kannerliteratur just no de Sue kucken däerf, oder ob et net nach eppes anescht gëtt, eng Verantwortung fir déi, déi esou Verantwortung nach net selwer kënnen droen, een erzéiereschen Opdrag, wëll d’Kanner vun haut sinn Lieser vu muer, an net nëmmen d’Lieser...

Gi mir als Erwuessener ëmmer dat richtegt Beispill? Sëtze mir eis bei déi Kleng a liesen hinnen aus Bicher vir? Gesinn eis Kanner eis dacks genuch mat engem Buch an der Fotell sëtzen, zefridde versonk an déi fantastesch Welt? Nëmmen esou kënnte si jo selwer ugereegt ginn, e Buch an d’Hand ze huelen.

An elo geet de Kreess zou: wéi ech dëst Joer op d’Walfer Bicherdeeg koum, hunn ech nees dat onméiglecht Schëld gesinn: “Books for Kids”. Firwat steet do

net “Bicher fir Kanner”? Si schwätze jo och net vun de “Bookdays”! “Books fir Kids” ass fir mech e kloert Zeechen, datt et an déi falsch Richtung geet: hei steet net Kand am Mëttelpunkt, ëm dat mir eis als Erwuessener, Auteuren, Editeuren a Vendeure vu Bicher musse këmmeren, nee hei steet d’Kand als potentielle Client am Mëttelpunkt, symboliséiert duerch dien englesche Ausdrock “Kids”. An an dëser Optik ass d’Kannerbuch dann näischt Spannendes, Lieweges, Interessantes, Rätselhaftes, Misteriéises méi... nee dann ass et just nach ee Produkt, dat fir eng Zilgrupp, d’“Kids”, geschaf gouf. Dat däerfe mir Erwuessener iewer net zouloossen, wa mir eis Verantwortung wëllen droen.

Soll et ierern dat gewiescht sinn, wat an dienen Artikelen vum Ufank vun dësem Text kritiséiert gouf? Oder soll ech dat just doranner eraninterpretéiert hunn?